LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 31 MARS 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:28, 01/04/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3746 du 2 mars 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la flotte automobile de l'État, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, François Bausch, et du Ministre des Finances, Pierre Gramegna, à la question parlementaire n° 3746 du 2 mars 2021 de Monsieur le Député Marc GOERGEN concernant "la flotte automobile de l'État"**

Den honorablen Deputéierte Marc Goergen freet Informatiounen iwwert de Fuerpark beim Staat an d'Autoe vun der Regierung.

1. *Wéi héich waren d'Ausgabe fir de Fuerpark vun den eenzele Ministèren am Joer 2020?*

Am Tableau ënnendrënner stinn d'Käschten, opschlësselt no Ministère, déi de Staat 2020 fir de Fuerpark ausginn huet. D'Käschte vun den Administratiounen, der Police Grand-Ducale an de Services de l'Etat à Gestion séparée sinn dem jeeweilege Ministère zougeuerdent.

Et ass allerdéngs ze soen datt d'Exploitatiounskäschten, déi sech aus den Entretienskäschten, dem Carburant, den Assurancen etc. zesummesetzen, d'Depense vun allen Zorte vu Gefierer enthalen, also nieft den Autoen och déi vun de Camionnetten, de Camionen an den Trakteren. Dat ass zréckzeféieren dorop datt d'Budgetsartikele mat de Coden 12.020 keen Detail fir déi eenzel Typpe vu Gefierer hun an een duerfir keng Informatiounen aus der Comptabilitéitssoftware iwwert verschiddene Kategorië vu Gefierer kann eraus zéien.

Um Niveau vun den Acquisitiounskäschte ass et allerdéngs méiglech just d'Ausgabe vun den Autoen ze erfaassen, well hei d'Budgetsartikele mat de Code 74.000 den Detail fir d'Autoe virgesinn.

| *Ministère* | *Frais d'acquisition en €* | *Frais d'exploitation en €* | *Total en €* |
|---|---|---|---|
| *Ministère de la Sécurité intérieure* | 1 901 500 | 2 650 444 | **4 551 944** |
| *Ministère de la Mobilité et des Travaux publics* | 827 994 | 2 741 947 | **3 569 941** |
| *Ministère des Affaires étrangères et européennes* | 417 847 | 2 519 275 | **2 937 122** |
| *Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* | 380 438 | 561 027 | **941 465** |
| *Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* | 194 798 | 743 548 | **938 346** |
| *Ministère des Finances* | 201 320 | 376 204 | **577 524** |
| *Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* | 134 275 | 163 508 | **297 783** |
| *Ministère de la Digitalisation* | 152 323 | 83 347 | **235 670** |
| *Ministère de la Justice* | 69 294 | 62 386 | **131 680** |
| *Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire* | 71 643 | 54 649 | **126 292** |
| *Ministère de la Culture* | 20 500 | 93 732 | **114 232** |
| *Ministère de l'Economie* | 53 049 | 44 657 | **97 706** |
| *Ministère de la Protection des Consommateurs* | 65 950 | 27 884 | **93 834** |
| *Ministère de la Santé* | 24 999 | 41 659 | **66 658** |
| *Ministère d'Etat* | 24 900 | 28 921 | **53 821** |
| *Ministère de la Sécurité sociale* | 27 950 | 10 552 | **38 502** |

| | | | |
|---|---|---|---|
| ***Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région*** | 32 754 | 1 975 | **34 729** |
| ***Ministère des Sports*** | - | 10 030 | **10 030** |
| ***Ministère du Logement*** | - | 3 965 | **3 965** |
| ***Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du territoire*** | - | 3 330 | **3 330** |
| ***Ministère de l'Enseignement supérieur et de la recherche*** | - | 1 584 | **1 584** |
| ***Ministère de la Fonction publique*** | - | 1 088 | **1 088** |
| ***Grand Total*** | **4 601 534** | **10 225 712** | **14 827 246** |

2. *Wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Verbrennungsmotor goufen 2020 fir de Fuerpark vum ëffentlechen Déngscht kaf?*

Fir d'Joer 2020 goufen 207 Autoen, Fourgonnette oder Fourgone kaf. Den Tableau ënnendrënner schlësselt pro Motorisatioun a Benotzung vum Gefier dës Zuel op:

| ***Acquisitions 2020*** | ***100% elektresch*** | ***Plug-in Hybrid*** | ***Hybrid*** | ***Thermesche Motor*** | ***Total*** |
|---|---|---|---|---|---|
| ***Déngschtautoe normal*** | *28* | *26* | *2* | *17* | *73* |
| ***Déngschtautoe Police Grand-Ducale*** | *4* | *1* | *3* | *1*<br>*38 (4x4)*<br>*25 (Fourgon/Fourgonnette)* | *72* |
| ***Déngschtautoe 4x4*** | | | *2* | *9* | *11* |
| ***Fourgon/Fourgonnette*** | *6* | | | *45* | *51* |
| ***Total*** | ***38*** | ***27*** | ***7*** | ***135*** | ***207*** |

Zënter 2017 gëtt eng zentral Ausschreiwung vun 100% Elektroautoen a Plug-in Hybride fir de Fuerpark vum Staat gemaach an de Regierungsrot huet festgehalen datt alleguerten déi nei Autoe prioritär sollen 100% Elektroautoen oder Plug-in Hybriden sinn.

Vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung kann eng Derogatioun ausgestallt gi fir Autoen déi entweder enger spezieller Notzung ënnerleien oder spezifesch Equipementer brauchen a fir déi et am Moment nach keng adequat Alternativen am Beräich vun den elektresche Gefierer ginn.

Dës Approche ass och am Aklang mat der iwwerschaffter europäescher Direktive 2009/33/CE fir d'Promotioun vu propperen an energieeffizienter Stroossegefierer déi fir Lëtzebuerg beim Akafe vu Gefierer vun der ëffentlecher Hand virschreift datt mindestens 38,5 % vun de liichte Gefierer (Kategorie M1 & N1) «propper» sinn. Dësen Undeel soll am Duerchschnëtt fir alleguerten d'Gefierer erreecht ginn déi tëschent August 2021 an Enn 2025 ëffentlech ausgeschriwwe ginn an dono vir all weider 5 Joer. Een entspriechenden Avant-Projet vun engem groussherzoglecht Reglement fir d'Ëmsetzung vun där Direktive ass ausgeschafft ginn an ass rezent vum Regierungsrot ugeholl ginn an op den Instanzewee gaangen.

Vun 2023 un ass et virgesi fir och am Fuerpark vum Staat manner op Plug-in Hybride ze setzen, a verstäerkt 100% elektresch Gefierer anzekafen, iwwerall wou den Asaz et erlaabt sou Gefierer ze benotzen.

3. *Wéi vill Autoe mat engem Verbrennungsmotor, wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoen mat Hybriduntrieb befannen sech,* ***opgeschlësselt no Ministère,*** *aktuell am Fuerpark vum Staat? Wéi huet sech de Prozentsaz vun dësen Typpen am Verglach zum Total an de leschte 5 Joer entwéckelt?*

Ufank 2021 waren 2.202 Gefierer am Fuerpark vun de Ministèren mat hieren Verwaltungen an anere staatlechen Instanzen. Den Tableau ënnendrënner schlësselt no Ministère op:

| Parc de véhicules | 100% elektresch | Thermesche Motor | Hybrid | Plug-in Hybrid | Total |
|---|---|---|---|---|---|
| Ministère de la Culture | | 35 | 1 | | 36 |
| Ministère de la Digitalisation | | 27 | | | 27 |
| Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région | | 5 | | 2 | 7 |
| Ministère de la Fonction publique | | 1 | | | 1 |
| Ministère de la Justice | 2 | 29 | | 9 | 40 |
| Ministère de la Mobilité et des Travaux publics | 43 | 410 | 8 | 22 | 483 |
| Ministère de la Protection des consommateurs | 1 | 10 | | | 11 |
| Ministère de la Santé | 1 | 16 | 1 | 1 | 19 |
| Ministère de la Sécurité intérieure | 16 | 734 | 5 | 5 | 760 |
| Ministère de la Sécurité sociale | 1 | 12 | | 1 | 14 |
| Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | 1 | 55 | 1 | 7 | 64 |
| Ministère de l'Économie | 3 | 14 | | 2 | 19 |
| Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | 8 | 243 | 2 | 1 | 254 |
| Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire | 1 | 2 | | | 3 |
| Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche | | 1 | | | 1 |
| Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | 6 | 176 | 3 | 4 | 189 |
| Ministère des Affaires étrangères et européennes | 2 | 38 | 1 | 6 | 47 |
| Ministère des Finances | 3 | 139 | | 4 | 146 |
| Ministère des Sports | 1 | 4 | | | 5 |
| Ministère d'État | 1 | 35 | | 2 | 38 |
| Ministère du Logement | | 2 | | | 2 |
| Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | 1 | 33 | 1 | 1 | 36 |
| **Total** | **91** | **2021** | **23** | **67** | **2202** |

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°347 vum 12. Februar 2019 geschriwwen, gouf deemools nach net de ganze Fuerpark vun der ëffentlecher Hand no verschiddenen Informatiounen, wéi zum Beispill den Typ vun der Motorisatioun, opgeschlësselt.

Et ass deemno net méiglech d'Entwécklung vun deene leschte 5 Joer réckwierkend ze retracéiere mee just en Verglach vun de Joren 2020 an 2021 ze man wou déi Donnéeën disponibel sinn a wou en kloren Trend zu der Décarbonisatioun vum Fuerpark vum Staat ze erkennen ass:

| ***Motorisatioun*** | ***1.1.2020*** | | ***1.1.2021*** | |
|---|---|---|---|---|
| ***100% elektresch*** | *53* | *2.61%* | *91* | *4.13%* |
| ***Plug-in Hybrid*** | *40* | *1.97%* | *67* | *3.04%* |
| ***Hybrid*** | *16* | *0.79%* | *23* | *1.04%* |
| ***Thermesche Motor*** | *1925* | *94.64%* | *2021* | *91.78%* |
| ***Total*** | ***2034*** | ***100.00%*** | ***2202*** | ***100.00%*** |

4. *Opgelëscht no Ministère, wéi vill Joren sinn d'Gefierer, déi de Staat akeeft, am Duerchschnëtt am Gebrauch, iert se verkaf oder verschrott ginn? Wéi vill Autoen sinn an de leschte 5 Joer, opgelëscht no Ministère, verschrott ginn?*

Fir d'Joren 2016-2020 goufe vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA 460 Autoe verkaf. D'Autoe sinn all versteet ginn entweder duerch Vente publique oder Soumissioun. D'AED huet déi lescht 5 Joer och keen Auto vum Staat verschrotte gelooss. Den Tableau ënnendrënner schlësselt d'Gefierer no Ministère op:

| ***Ministère*** | ***Nombre de voitures vendues 2016 -2020*** | ***Moyenne d'âge*** |
|---|---|---|
| ***Ministère de la Culture*** | *2* | *10.5* |
| ***Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région*** | *2* | *13.5* |
| ***Ministère de la Justice*** | *12* | *12.1* |
| ***Ministère de la Mobilité et des Travaux publics*** | *99* | *14.6* |
| ***Ministère de la Santé*** | *8* | *9.6* |
| ***Ministère de la Sécurité intérieure*** | *212* | *11.0* |
| ***Ministère de la Sécurité sociale*** | *1* | *12.0* |
| ***Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*** | *7* | *13.6* |
| ***Ministère de l'Économie*** | *7* | *14.0* |
| ***Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*** | *17* | *13.9* |
| ***Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*** | *23* | *12.9* |
| ***Ministère de l'Intérieur*** | *13* | *13.4* |
| ***Ministère des Affaires étrangères et européennes*** | *20* | *11.6* |
| ***Ministère des Finances*** | *31* | *11.0* |

| | | |
|---|---|---|
| ***Ministère des Sports*** | *1* | *10.0* |
| ***Ministère d'État*** | *2* | *9.0* |
| ***Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*** | *3* | *11.3* |
| **Total** | ***460*** | ***12.0*** |

5. *Wéi vill Autoen befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?*

Et befannen sech aktuell 17 Autoe vun de Regierungsmemberen am Fuerpark, dovunner sinn der 10 Plug-in Hybrid, 2 Bensinner, 2 Hybrid-Bensiner an 1 reng elektresch. 2 Diesel Limousinne ginn an deenen nächste Wochen duerch 2 Plug-in Hybriden ersat.

6. *2018 louch d'Moyenne vum CO2-Ausstouss vum Fuerpark vun de Regierungsmembere bei 119,35g CO2/km an 2019 loung se bei 106,37g CO2/km.*
   *Fir d'Joer 2020,*
   *1. wéi vill Emissioune CO2 stéisst de Fuerpark vun de Regierungsmemberen aus? (opgelëscht no der NEFZ– an der WLTP–Ausstoussnorm)*
   *2. wéi vill Liter/100km verbraucht de Fuerpark (Duerchschnëtt+Median)?*
   *3. wéi vill PS huet de Fuerpark vun der Regierung (Duerchschnëtt+Median)?*

Fir d'Joer 2020 louch d'Moyenne vum $CO_2$-Ausstouss vum Fuerpark vun de Regierungsmembere bei 91,88g $CO_2$/km nom alen Testzyklus NEDC berechent.
Fir déi 8 Gefierer fir déi eng WLTP-Valeur virläit, ass d'Moyenne 68,5g $CO_2$/km.

Den Duerchschnëttsverbrauch lait bei 4,13 Liter/100km, de Median bei 2,45 Liter/100km.

Wat d'Leeschtung ugeet, sou leit dës bei 217 kW, also ronn 295 PS am Duerchschnëtt a bei 210 kW, also ronn 285 PS am Median.

7. *Op meng Fro n°1915 hat de Minister geäntwert:*
   *Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N°347 vum 12. Februar 2019 geschriwwe, solle prioritär Hybride a Plug-in Hybride kaf ginn, esou dat dei duerchschnettlech CO2-Emissioune weider fale wäerten. Et gëtt och gepreift fir an noer Zukunft 100% Elektroautoen ze kafen.*
   *Wéi vill Elektroautoen befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?*

Et befënnt sech aktuell een 100% Elektroauto am Fuerpark vun der Regierung. Allerdéngs sinn zënter 2017 quasi nëmmen nach Plug-in Hybride kaaft ginn, respektiv Enn 2020 deen éischten 100% elektreschen Auto, sou datt just nach 4 reng thermesch Gefierer an dësem Fuerpark vu 17 Autoen sinn. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N°1915 vum 21. Februar 2020 geschriwwen, ass et weiderhin d'Zil fir de gesamte Fuerpark vun de Regierungsmembere CO2-emissiounsfräi ze kréien, allerdéngs ass et aus operationellen a sécherheetstechnëschen Grënn momentan net méiglech op eng reng elektresch Flotte ze setzen.